# E Buch fir de gudden Zweck

## 900 Euro un d'Amicale vun der Schoul fir Assistenzhënn iwwerginn

**Kietscht.** „Ein unerwartetes Spiel" heescht dat klengt Buch mat 19 Säiten, dat, gefëllt mat Illustratiounen, Opnamen an Texter, eng flott Geschicht erzielt. Mat vill Freed a Fläiss hunn d'Schoulkanner aus dem Zyklus 3.2 D aus der Zentralschoul vu Kietscht dëst klengt Konschtwierk zesumme mat hirer Joffer Marianne Kellen realiséiert. Den Drock vum Buch ass vun Educ-Design gesponsert ginn. Zu engem ganz soziale Präis ass dëst klengt Buch an enger Schoulpaus am November an och um Chrëschtmaart gutt verkaaf ginn. Mat berechtegtem Stolz konnten d'Schoulkanner kierzlech den Erléis am Kader vun enger Scheckiwwerreechung vun 900 Euro un di Responsabel vun der Amicale vun der Schoul fir Assistenzhënn (ASA) iwwerreechen. Verbonne mat hirem opriichtege Merci fir de schéine Geste, huet d'Nelly Nash d'Vereenegung ASA mat hire Projete kuerz virgestallt an de Kanner bei enger praktescher Virféierung vun engem Hond gewise, wéi si schaffen. Des Scheckiwwerreechung huet mat engem grousse Merci vun der Schäffin Myriam Binck fir d'Engagement vun de Kanner mat hirer Léierin hire würdegen Ofschloss fonnt.

*Charles Reiser via mywort*

